

Startsäit / Aktualitéit / Wéi een Droit d'auteur am Internetzäitalter?

COPYRIGHT



Wéi een Droit d'auteur am Internetzäitalter?

25. Mäe 2019 - 09:00

En Dënschdeg gétt am Europaparlament iwwer eng Direktiv ofgestëmmt, mat där den Droit d'auteur soll reforméiert ginn. Zil ass et, den Droit d'auteur un dat digitaalt Zäitalter unzepassen an eng EU-wäit Harmoniséierung ze kreéieren. Kreativer a Konschtschafender solle gerecht fir hir Aarbecht remuneréiert ginn. Kritiker fäerten awer, datt d'EU-Direktiv d'Enn vum fräien Internet bedeit.

Stephan Polet / cz



Et ass virun allem den Artikel 13 vun der EU-Copyright-Direktiv géint deen e Samschdeg um Kierchbierg an op sëllege Plazen an Europa manifestéiert gouf. Den Artikel 13 gesäit vir, datt Internetplattformen verhënnere mussen, datt Contenu bei hinnen eropgeluede gétt, fir dee si keng Lizenz hunn. D'Plattformen kéinten dat awer nëmme mat sougenannten Uploadfilteren errechen, soe Kritiker vun der Reform, wéi de Sam Grüneisen vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg. Esou Uploadfiltere wieren awer immens feelerufälleg a kënnen ausgenutzt ginn. De Sam Grüneisen huet d'Angscht, datt "mir dono just nach eng risege Plattform hunn, wou alles zenséiert gétt".

Upload-Filtere si feelerufälleg

Am Gesetzestext stinn Ausname fir Karikaturen a Meenungsäusserungen, mee technesch Filtere kéinten hei dacks net ënnerscheiden. Esou Filtere wiere fir kleng Internetfirmen immens deier, sou datt d'Muecht vun deene grouss Plattformen, wéi zum Beispill Youtube, riskéiert nach méi grouss ze ginn.

De Marc Nickts vun der Sacem, déi d'Lizenzrechter vun Artiste vertritt, ass ee vun de Supporter vun der Reform. Him no wier een am Legislatiounsprozess op d'Kritik agaangen an hätt Verbesserungen agebaut, déi virun allem méi Rücksicht op Start-uppe géifen huelen. "D'Smart Exceptioun ass ageféiert fir ze soen, datt Start-uppe sech lues a lues kënnen entwéckelen", seet de Marc Nickts.

Wirtschaftsministère: Ausnahmeregelung fir Start-uppe ginn net wäit genuch

D'Ausnahmeregelunge fir Start-uppe wieren awer onnéideg komplizéiert, féinnt sengersäits de Lex Kaufhold, Conseiller am Wirtschaftsministère. D'Ausnahmeregelung géif sech op Start-uppe bezéien, déi manner wéi dräi Joer bestinn. Donieft géif de Chiffre d'affaire gekuckt ginn a wéi vill Visiteuren een de Mount huet. "Dat ass alles immen komplizéiert. Mir hätte léiwer gehat, PMEen wiere ganz einfach ausgeschloss gewiescht", sou de Lex Kaufhold.

Dem Conseiller vum Wirtschaftsminister no ass den Artikel 13 vun der Direktiv awer ze onprezis formuléiert. Doduerch géif d'Direktiv zu méi juristescher Onsécherheet féieren, amplaz eng europawäit eenheetlech Gesetzeslag ze kreéieren.

En neien Droit d'auteur ass néideg

A ganz Europa gouf et eng ganz emotional Debatt iwwer d'Copyrightreform. Déi zwou Säite geheie sech géigesäiteg vir, grouss Wirtschaftsinteressen hanner sech stoen ze hunn. Internetgigante wéi Youtube a Google bei den Direktiv-Géigner, grouss Verwärtungsgesellschaften a Produktiounsboitten op der Säit vun den Ënnerstëtzer.

Dobäi si sech béid Säiten eens, datt den d'Droit d'Auteur muss un d'digitaalt Zäitalter ugepasst ginn. Dat wier fir Konschtschafender immens wichteg, mengt och de Lëtzeburger Jazzmuseker Pol Belardi. (Oppeleung: De Pol Belardi schafft punktuell als Freelance fir d'Museksredaktioun vum radio 100,7)

"Et ass, wéi wa soss e Lidd um Radio gespillt gétt, oder en CD verkaaft gétt oder iergendeppes mat där Musek, déi ech gemaach hunn, geschafé gétt. Da steet mir e Stéck vum Kuch zou. Dat ass am Internet bis elo nach immense schwiereg. Dat ass ëmmer nach esou eng Zon de Non-Droit. Et wëllt ni ee responsabel sinn. Besonnesch déi grouss Plattformen ëm déi et jo geet."

Lëtzebuerg stellt sech géint den aktuellen Entworf

Wann et aner Méiglechkeete ginn, wéi Kënschtler kënnen e fairen Undeel kréien, wier hien oppe fir alternativ Modellen ouni Uploadfilteren, seet de Pol Belardi. Et wier awer elo mol wichteg, datt déi Direktiv kënn, fir datt sech eppes ännert.

En Dënschdeg gétt am EU-Parlament iwwer d'Direktiv ofgestëmmt. Am Trilog tëschent Kommissioun, Parlament a Conseil huet déi Lëtzeburger Regierung géint dee leschten Entworf vun der EU-Direktiv gestëmmt. Och déi Lëtzeburger EU-Deputéiert wëllen zu Stroossbuerg géint d'Direktiv stëmmen.



An der Mediatheik:

Aktuelles / 25. Mäe 2019 - 06:20 / Stephan Polet

Lauschten

Méi zum Thema



Harmoniséierung vum EU-Copyright

01. Feb 2015 - 12:00

Interview mat der Julia Reda, Europadeputéiert vun der däitscher Piratpartei

DROIT D'AUTEUR

Copyright-Direktiv: Mat oder ouni Filter?

21. Jun 2018 - 15:23

Fräien Internet géint Copyright? D'Europaparlament setzt sech dofir an, datt an Zukunft Online-Plattformen de Contenu, dee vu User eropgeluede gétt, iwwerwaachen a filteren. Kritiker schwätze vu Zensur.

Programm

17:00 - 19:00

Ënnerwee

On air

19:00 - 20:00 Time Out

20:00 - 21:00


Blue Note - Hope mam ONJL

21:00 - 22:00

Jazz Unlimited - Emile Parisien 4tet & Louis Sclavis

22:00 - 22:10

Panorama



radio 100,7 op Twitter

Tweets by @100komma7



Dossieren

Europawahlen 2019

Vum 23. bis de 26. Mee gétt an der EU en neit Europaparlament gewielt. Zu Lëtzebuerg gétt Sonnes, de 26. Mee gewielt. De radio 100,7 bericht iwwer d'Kandidaten an d'Enjeu vun dese Wahlen.

Sozialwahlen 2019

Den 12. Mäerz ware Sozialwahlen. A ronn 3.800 Betriber, an deene méi wéi 15 Leit schaffen, goufen d'Personaldelegatioune bestëmmt. An déi 60 Vertrieder an der Saliariatskammer goufen nei gewielt.

Communiquéen

radio 100,7 revue par ses pairs

A la demande de la radio 100,7, l'Union Européenne de Radio-Télévision a procédé à une "revue par les pairs" des opérations de la radio 100,7.

Iwwert eis

De radio 100,7 ass deen eenzegen ëffentlech-rechtliche Radio zu Lëtzebuerg. E proposéiert Programmer op Lëtzebuergesch mat engem Fokus op Informatioun, Kultur, Divertissement a mat Akzent op d'klassesch Musek.

Weider liesen

Follow us /

